

Lëtzebuerg, den 21. März 2019

Reform vum Stage am Secondaire

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Nom Accord tëscht der CGFP an der Regierung, fir déi fuerchtbar 80-80-90 Reegelung endlech ofzeschaffen an de Stage erëm vun 3 op 2 Joer ze reduzéieren, plangt och den Educationminister Claude Meisch eng **déifgräifend Reform vum Stage** am Enseignement.

Leider goufe mir net an d'Ausschaffe vun dëser Reform agebonnen a krute just e fäerdege Projet presentéiert. **Ënnert** dem aktuelle Slogan vum MENJE, « *Bildung am Dialog* », **stelle mir eis** jiddefalls **eppes anescht vir!**

Selbstverständlech begrësse mir, dass endlech agesi gouf, dass et sännlos ass, Stagiairen duerch eng "évaluation à outrance" schonn auszebrennen, éier se hire Beruff richtig ugefaangen hunn. **D'Unzuel un zertifikativen Elementer a Paperassen soll erofgesat an deelweis duerch formativ Bewäertungen ersat ginn.** De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP begrëisst dës Ännerung prinzipiell, well de Stagiaire doduerch **méi Zäit an Energie an d'Aarbecht fir de Schüler** am Klassesall investéiere kann.

Mir hunn allerdéngs **zwou prinzipiell Fuerderungen**, déi onbedéngt mussen an dëséi Projet erakommen, éier en op den Instanzewee geet. Dëst hu mir dem Minister och kloer matgedelt.

1. Fuerderung: Et muss mindestens een zertifikative Moment offiziell virgesi sinn, den d'Kärgeschäft vum Enseignant, nämlech seng konkret Arbecht am Klassesall, bewäert!

Mir fuerdere kloer an **däitlech eng zertifikativ Evaluatioun vum konkrete Schoulhalen am éischten Deel vum 2. Joer!** Esou hunn d'Stagiaire mindestens ee ganz Joer Zäit, fir sech mat der Arbecht am Klassesall ze familiariséieren a vum Know-how vun erfuerene Kollegen ze profitéieren. Dëst ass néideg, well Enseignanten am Secondaire no hirem **noutwendege Fachstudium**, woubäi mir kloer **de Master an der Spezialitéit wëllen héichhalen**, jo eréischt richtig **didaktesch a pedagogesch Erfarungen** sammele mussen.

Natierlech soll dëst sou gestalt ginn, dass d'Stagiaire net, ewéi bis elo, Epreuen am iwverdriwwenem Ausmooss ausgesat sinn, mä dass si eng sännvoll Begleitung kréien fir de Berufsfank ze erliichten.

Mir wëllen d'Qualitéit vun eisem Berufsstand héichhalen, schliisslech droe mir Enseignante fir déi zukünfteg Generatiounen eng besonnesch Verantwortung!

A punkto Stage fir d'Employéén am Secondaire begrësse mir, dass dës zukünfteg ee **méi vollwäertege Stage**, ähnlech wéi dee vum Fonctionnaire, duerchlafen an eng **strukturéiert Begleitung mat Décharge fir den Tuteur** um Terrain solle kréien. Natierlech muss dann och an de Stage vum Employé een **zertifikative Moment** duerch ee breede Jury integréiert ginn, deen d'Aarbecht am Kllassesall préift. Dëse kéint dem Chargé **nom Bestoe vum Examen-Concours dann och ugerechent** ginn.

Eiser Iwwerzeegung no wär et ausserdeem extrem wichteg, wann déi zukünfteg Stagiairen erëm géifen an deenen **zwee Ordres d'enseignement (ESC an ESG)** ausgebild ginn. Nëmmen esou kënnen d'Stagiairen déi ënnerschiddlech Ufuerderungsprofilen un een Enseignant am ESC an am ESG kennelieren. Genau esou sënnvoll wär, dass de Stagiaire vun **zwee Tuteurs** begleet gëtt, fir ënnerschiddlech Charakteren a Philosophie kennenzelieren.

2. Fuerderung: Eng Kommissioun, déi Iwwerbléck a Fachexpertise a sech vereent, soll den zertifikative Moment evaluieren. D'Appreciatioun vum Stagiaire duerch säin Direkter eleng dierf net iwwert säi berufflecht Schicksal entscheiden!

Dass den Direkter um Enn vun all Stagejoer säi Stagiaire am Kader vun der « *Appréciation des performances professionnelles* » mat enger Nott vun 1 - 4 bewäerte¹ muss, ass Bestanddeel vum allgemenge Statut vum Staatsbeamten a gëllt fir all Agent beim Staat². Et ass awer **fir een Direkter eleng** scho materiell **onméiglech**, fir déi pedagogesch an didaktesch Kompetenze vun all de Stagiairen, egal ob Fonctionnaire oder Employé, a senger Schoul ze beuerteelen. Dem Direkter seng Appreciatioun baséiert sech jo och virun allem op **Kritären am Kader vum Statut als Agent beim Staat**.

D'Qualitéit vun der pedagogescher an didaktescher Aarbecht vum Enseignant (d'Virbereede vu Schoulstonnen, d'Schoulstonn selwer an d'Analyse dovun, d'Verbessere vu Prüfungen...) **kann** eiser Opfaassung no **nëmmen eng Kommissioun**, déi haaptsächlech **aus Professere vum jeeweilige Fach** besteet, **fair an objektiv beuerteelen an argumentieren**. Dofir fuerdere mir, dass och **weiderhin eng Kommissioun** muss bestoe bleiwen, déi d'Aarbecht vum Stagiaire mam a ronderëm de **Schüler zertifikativ beuerteelt!**

No enger zweeter, intensiver a kontrovers gefouerter Entrevue dës Woch mam Educationminister, si mir elo optimistes, dass eis zwou Kärfuerderunge wäerten zréckbehale ginn.

Fir Erliichterunge fir d'Stagiairen! Fir d'Qualitéit vum Enseignement!

Mat beschte Gréiss,
De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

¹ Note 1 = Résiliation du stage.

² Aktuell setze mir eis gemeinsam mat eiser Daachorganisatioun CGFP fir d'**Ofschafe vum Bewäertungssystem an der Fonction publique an**.